

Här President,

Déi Debatt, déi mer hei féieren, dréint ëm dräi zentral Begrëffer, déi am Verständnis vun praktësch all méngen Viirriedner enk mateneen verbonnen sinn, an esouguer eent zum aneren féieren.

D'Suite geet ungeféier esou: waat mer méi kompetitiv sinn, dann kréien mer méi Wuesstum, an Wuesstum schaaft Perspektiven, déi wann mer se richteg notzen eis nach méi kompetitiv maachen an weidere Wuesstum produzéieren.

Daat ass en gedanklëche Ziirkelschloss, deen geféierlëch ass, well en:

- vun falschen Prämissen ausgeet,
- blann ass vis-à-vis vun der Realitéit (och der erfuerener Realitéit, d.h. der Vergaangenheet)
- an Gefoër leeft genee daat ze verfehlen, waat en eigentlëch vergëtt erreechen ze wëllen: nämlech de Mënschen hei am Land nei Perspektiven opmaachen ze kënnen.

Ugefaangen beim Begrëff vun der „Kompetitivitéit“, deen fir eis ganz problematesch ass. Well hannert där Notioun, déi esou „sportlëch“ klénkt, stécht a Wierklëchkeet rosen wéineg *fair play*.

Dobäi wier ët nët d'office problematesch ass, verschidde Länner a verschiddene ekonomësch Beräicher mateneen ze vergläichen an ze kucken, *wou* ee selwer steet. An enger oppener Vollekswirtschaft, déi Lëtzebuerg nun eemol ass, kënnst ee net derlaanscht, de Verglach mam Ausland ze sichen.

Problematesch gëtt et awer dann, wann dat Konzept vun der Kompetitivitéit *selektiv* interpretéiert a manipuléiert gëtt a wann seng Bedeitung bewosst iwwerbewäert gëtt, fir **eng** bestëmmte politesch Agenda ze rechtfertegen.

Wann d'Regierung an déi aner Parteien hei vu Kompetitivitéit schwätzen, dann interpretéieren si dat Konzept esou, wéi d'Investisseuren an d'Aktionären et interpretéieren.

Et geet zentral ëm niddreg Betrëbssteieren, niddreg Lounkäschten, flexibel Aarbechtmäert oder deen sakrosankten Triple-A. Et gëtt sech bei der Kompetitioun déi Elementer erausgepickt, déi dozou déngen, fir **eng** ganz bestëmmte politesch Agenda ze rechtfertegen: Déi vu Sozialofbau, Lounmoderatioun oder Steierofsenkung fir Entreprises. Eng Agenda déi zousätzlech virun allem op eppes eraus leeft: E méiglechst héije quantitative Wuesstem.

Dobäi besteet d'Kompetitivitéit vun engem Land jo net ausschliisslech aus deenen Elementer. De sougenannten *Tableau de bord*, deen déi national Kompetitivitéit soll moossen, enthält jo och eng ganz Rei vu sozialen- an Ëmwelt-critèeren.

An do kann een dës eesäiteg Fixéierung vun der Regierung an de Virgängerregierungen och ganz kloer ofliesen. Et ass jo och keen Zoufall, datt den Wirtschaftsminister deenselwéchten bliwwen ass. Well d'politësch Orientéierung déiselwecht bliwwen ass – een Grond firwaat sech d'CSV visiblement esou schwéier deet, Kritik ze üben.

Jo, mär sti besser do wéi déi meeschten aner EU-Länner wat bestëmmten wirtschaftlech Indicateuren ugeet: PIB, Wuesstem, Produktivitéit, etc.

Par contre sti mer méi schlecht do wéi déi aner – oder si just Mëttelmooss - wann et ëm déi méi sozial Indicateure geet, wéi dem **Chômage**, dem **Aarmutsrisiko** oder de **working poor**: 11% working poor, esouvill wéi an kengem aneren west-europäeschem Land.

Och beim **Schoulofbrëch** stinn mer ganz schlecht do.

Daatselwécht gëllt wann et ëm Ëmweltcritère geet, wéi z.B. der **Energieeffizienz** oder dem Prozentsaz vun **erneierbaren Energien**. Do félicitéiert dës Regierung sech, datt se “vläit”, an och jhust “vläit”, déi niddreg Zieler fir 2020 vun der CSV-LSAP-Virgänger-Regierung evtl anhällt.

Déi Zuele – och wann een se muss mat Virsicht genéissen – weisen eppes ganz kloer: D'Fixatioun vun der Politik op de quantitative Wuesstem, deen

mer déi leschte 20-25 Joër hei zu Lëtzebuerg haten, féiert net automatësch zu enger Erhéijung vun der Liewensqualitéit an engem Ofbau vun den Inegalitéiten. Ganz am Géigendeel.

Dat selektiivt – politesch motivéiert- Erauspicken an Iwwerbewäerte vu verschiddenen Indicateuren ass ee Problem, dee mir mat dem Begrëff Kompetitivitéit hunn.

Et gött awer nach een zweeten, vill méi fundamentale Problem.

An dat ass deen, datt daat Konzept direkt zu nationalen Egoismen féiert, zu enger iwwerdriwwener Rivalitéit a Konkurrenz, déi am Endeffekt zu enger genereller Verschlechterung vun de Liewenskonditiounen a ganz Europa féiert.

Den Versuch, een den aneren stänneg ze ënnerbidden, setzt eng fatal Spiral no ënnen a Gang.

D'Kompetitioun a d'Konkurrenz tëscht den EU-Länner beherrscht méttlerweil déi politesch Agenda op eng Aart a Weis, datt se d'Notiounen vu **Solidaritéit** a **Kooperatioun** praktesch komplett verdrängt huet.

Well fir hir d'Kompetitivitéit ze erhéijen, ginn d'Regierungen haaptsächlech un déi Schrauwen dréinen, déi am Kontext vun enger restriktiver Budgetpolitik am einfachste sinn:

D'Kompetitioun ëm déi niddregste Betrëbssteieren, déi den Staaten d'Mëttel huelen, fir laangfristeg Investissementer ze maachen, féieren iwwer kuerz oder laang zum Aushielegen vun de Sozialsystemer an zum Ofbau vum Sozialstaat.

Loundumping, Sozialdumping a Fiskaldumping: dat ass dat wat schlussendlech eraus kënnt; de Norde vun der EU, dee mat daer doter Zort vu Kompetitivitéit de Süde vun Europa un d'Mauer dréckt.

Esou eng Kompetitivitéit ass extrem schiedlech a wat sech méi dorobber konzentréiert gött, wat se méi zerstörerësch Konsequenzen mat sech zéien waert.

Wann d'Europäesch Unioun do nët ganz geschwënn eng 180-Grad-Kéier hi-leet, wann se et net fäerdeg bréngt, gemeinsam Loun-Standarden, gemeinsam Sozial-Standarden a gemeinsam Fiskal-Standarden anzeféieren, dat heescht déi hemmungslos Konkurrenz tëscht eis Europäer an deene Beräicher anzeschränken, da wäert se a noer Zukunft un den internen Inegalitéiten zerbréchen.

Well, ween déi Zort Kompetitivitéit an ekonomesch Orientéierung weiderdreiwen wëllen, deen mécht sëch zum eigentlechen Doudegriewer vun der EU, an méi schnell: nët nëmmen vun der politescher Konstruktioon Europäesch Unioun, mee vun Europa tout court.

Well Europa huet sëch no 2 schrecklechen Kricher, déi den Déifpunkt vun der Zivilisatioun duergestallt hunn, nët ronderëm d'Konkurrenz opgebaut. An och nët ronderëm deen sougenannten "fräien" Moart.

Europa konnt sëch jhust opbauen an joerzengtelaang Fridden garantéieren, ronderëm e Projet vu Solidaritéit a Kooperatioun, waat den genauen Géigendeel vun Konkurrenz ass. Esou en Projet vu *spierbarem* sozialem Fortschrëtt konnt Mënschen, déi sëch nach kriegeresch géinteniwwerstinn, begeeschten.

An dat Ganzt kann ee wiederféieren, op de Weltniveau. Well ët ass e.a. eis aggressiv Handelspolitik - an déi vun nach anere Akteuren um Planéit, déi imperial Uspréch hunn -, déi deen iwwerdriwwene Konkurrenzkampf an déi leschten Ecker vun der Welt exportéieren.

Well déi Handels-accord'en wéi CETA sinn eis jo och ënner dem Sigle vun der Kompetitivitéit verkaaft ginn.

A sou wéi bei eis déi méi schwach Mënschen dobäi ofgehaange ginn, sou wéi an Europa déi méi schwach EU-Memberlänner dobäi ofgehaange ginn, sou ginn an der Mondialisatioun ganz Kontinenter ofgehaang.

Et ass e Mythos, wa gesot gëtt, dëse Konkurrenzkampf wär gudd fir

jidferen. Well: ët gëtt béi dëser Kompetitioun, Gewënner a Verlëirer. An zur Zäit ginn ët wesentlech méi Verlëirer wéi Gewënner.

Gewënner ginn ët: d'Aktionären vun denen Betriiber, déi ëmmer manner Steieren bezuelen mussen.

Här President,

Wann ee vun de Perspektive vun der lëtzebuenger Wirtschaft schwätzt, muss een dës zwee fundamental Problemer an den Zentrum vun der politescher Iwwerleeung stellen:

Engersäits musse mer ee fir allemol ewech komme vun der Iddi, datt Wirtschaftswesstem automatesch och zu méi Liewensqualitéit féiert.

Op der anerer Säit musse mer konsequent den Impakt vun eise Politiken op déi aner Länner am Ae behalen. Eréischt dann – an och nëmmen dann – ass esou eppes wéi nohalteg Entwécklung iwwerhaapt méiglech.

Vun esou enger Entwécklung sollt Lëtzebuerg Motor sinn.

D'Debatt iwwert de Wesstem zu Lëtzebuerg ass lancéiert, och an der Bevëlkerung. An dat ass och kee Wonner, well d'Leit kréien déi negativ Auswirkungen all Dag ze spieren:

Mär hunn zu Lëtzebuerg eng manifest Wunnengskriis. D'Präisser fir ze lounen oder koafen sinn astronomesch, an ët gëtt nët deen kléngsten Indice, datt daat demnächst kiint änneren.

D'Verkëierssituatioun gëtt vun Dag zu Dag schlëmmer a bedeit net nëmme verstoppte Stroosse, mee entretemps och verstoppte Zich. Lëtzebuerg steet virum Verkëierskollaps, an och do: kee Liicht um Enn vum Tunnel.

Dëst bréngt och Loftverschmutzung a Gesondheetsproblemer mat sëch.

An och an anere Beräicher, wéi de Schoulen, de Spidolsbetter, de

Kläranlagen hippe mer Jore, wa net Jorzéngten hannert der Entwécklung hannendrunner.

Dése Retard kréie mer ni méi opgeholl, wa mer esou weider fueren. Dat Lach kréie mer nëmmen zou, wa mer de Wuesstem effektiv a kontrolléiert ofbremsen. An eis Reflexiounen misst an der Entwécklung vun Exit-strategien bestoën.

Well eist Land bräicht lo schon massiv Investitiounen an d'Infrastrukturen, an déi finanzéieren mer eis nët, andeems mer Steieren op den Benefisser nach weider erofsetzen, fir méi Betriiber aus aner Länner an Géigenden oafzewerben an domadder weider infrastrukturell Besoins schafen.

An daat ass och den Paradox vun der CSV:

Ët kann een nët en onendlechen Wueestum vum BIP, deen op enger ëmmer méi grousser Kompetitivitéit berout, hunn an gläichzäiteg nët wëllen an engem 1 Milliounen Awunnerstaat liewen. Daat geet nun eemol nët aanescht: entweder – oder. Horrorszenarien un d'Mauer molen.

Do ass LSAP an DP schon méi konsequent: mee nët d'accord Fayot, deen gesoot huet, mer kiinten eis Sozialsystemer jhust iwver Wueestum finanzéieren. Well wéi gesäich dann eng Entwécklung aus...

Op der anerer Säit brauche mer an Europa – a schlussendlech och an der Welt - eng harmonesch Entwécklung a kee Rapp a Klapp. Dat ass net nëmmen eng Fro vu Solidaritéit, mä dat léit och fundamental am Interessi vum Land.

An éischer Linn misst d'Promotioun vun esou enger Entwécklung iwwert eis Europapolitik lafen, dat heescht: mir mussen eis asetze fir Mindeststandarden, fir en Ophiewe vun der restriktiver Budgetpolitik a fir en Ëmdenken an der Handelspolitik. Si muss sech awer och an eiser Finanz- a Wirtschaftspolitik erëm spigelen.

An dat bedeit awer och: virun allem, datt mer op deen zerstéireréschen Deel vun eisen Souveränitéits-Nischen musse verzichten, den Deel mat

deem s'ech eng Minoritéit hei am Land onberechtegt op Käscht vum Anere beräichert.

Wat mer also brauchen, ass eng ökonomesch, ökologesch a sozial Transformatioun vum eiser Gesellschaft. Fir dorobber ze kommen, hätt ee kee Rifkin gebraucht, Här Schneider. Fir dorobber ze kommen, brauch een eigentlech just d'Agenda 2030 duerch ze deklinéieren.

De fundamentale Broch, dee mer als éischt mussen vollzéien, ass dee vum der politescher Approche.

Bis haut ass den eenzege Fixstär um Himmel vum der Regierung – a nach vill méi vum deene Regierunge virdrunner - de Bruttoinlandprodukt: Dee muss wuessen – esou heescht et - an de ganze Rescht gesi mer da méi spéit.

Dat ass eng Approche aus dem leschte Jorhonnert, déi eis riicht an eng Mauer féiert. Mä missten am Géigendeel vum der Realitéit ausgoen, vum de reale Besoine vum de Léit, an daat géif bedäiten: d'Liewensqualitéit an de soziale Fortschrëtt an den Zentrum stellen.

Wa mer driwwer schwätzen, de Wuesstem ofzebremen, da komme mer net laanscht den Elefant, dee matzen am Gank steet: nämlech d'Finanzplaz.

Et ass d'Finanzplaz, déi responsabel fir déi héij Wuesstemstauxen ass, déi eng Diversifikatioun vum der Wirtschaft méi schwéier mécht, déi de gréisste Fiskal-Schued am Ausland mëscht an och de gréissten Image-schued fir eist Land, an déi schlussendlech och d'Inegalitéiten hei am Land stänneg vergréissert.

Eréischt wa mer bereet sinn, doriwwer ze schwätzen, kann een eng positiv Transformatioun vum der lëtzebuerger Wirtschaft ugoen. Dat heescht net, datt een d'Finanzplaz muss vum haut op muer ofschaffen. Mä, daat hescht awer, datt een déi Margen – notemment Steiermargen – no uewen notzt, fir zumindest der weiderer Expansioun vum Finanzsecteur

entgéint ze wierken.

Well déi Expansioun ass duebel geféierlëch: éischtens well eis gesamt Economie ëmmer méi an eng Oafhängegkeet geréit, ekonomoesch, fiskal, sozial an och landesplanerësch.

Alles waat mer bis elo héieren hunn, leeft awer an déi entgéint gesaate Richtung.

Stëchwuert: Finanztransaktiouns-steier, wou Lëtzebuerg eben nët Motor an Europa ass, zu enger méi solidarëscher a gerechter Besteuerung vun Kapitalflëss.

Eréischt wa mer un deem Elefant druginn, kënnen mer iwwerhaupt sënnvoll iwwert eng Diversifikatioun vun der Wirtschaft schwätzen.

Well am Moment féiert jo all Ustrengung fir aner Secteuren opzebauen am beschte Fall just dozou, datt d'Oafhängegkeet vun der Finanzplaz manner schnell klëmmt.

An daat sollt eis alleguer ze denken ginn: d'Gewiicht vun der Finanzplaz féiert och zu demokratëschen Problemen. Wann een bestëmmt wirtschaftlëche Lobby-grupp, nämlëch d'ABBL (Associatioun vun den Banken an Banquiers) an engem vun hiren Promotiounsvideo'en vum Wirtschaftsminister als "*premier conseiller de gouvernement*" genannt gëtt, dann stellt sech effektiv d'Fro: ween hei am Land d'Soën huet?

Déi politesch Energi'e an déi Moyën, déi do fräi ginn, kéint een dann ob Secteure konzentréieren, déi eng nohalteg Entwécklung promouvéieren an déi och adaptéiert sinn un den internen Aarbechtsmaart.

Generell si mir der Meenung, datt mer müssen dat intern (endogen) Potential hei am Land mobiliséieren, kleng lokal Betriber guidéieren a förderen, fir datt se kënnen qualitativ héichwärtig Aarbechtsplaze schafen.

Dat ass eng fundamental aner Approche, wéi just mat Steier- a Souveränitéitsnischen no auslänneschem Kapital ze fëschen.

D'Regierung huet duerchaus verschidde Beräicher fir d'Diversifikatioun identifizéiert, déi mer kënnen ënnerstëtzen, zum Beispill déi zirkulär Economie oder d'*construction énergétique*. En anert Beispill wär déi rezent Initiativ fir den Opbau vun enger nohalteger Holzfilière.

Dat sinn Beräicher, déi géife reell Aarbechtsplaze schafen an alle Bildungssegmenter an doriwwer eraus och nach eppes brénge fir d'nohalteger Entwécklung an d'Liewensqualitéit vun de Bierger hei am Land.

Leider hu mer awer dat Gefill, wéi wann dat just eidel Këschten ouni Inhalt sinn: e schéinen engleschen Numm, eng schei Pressekonferenz an dat war et. Firwat gött do net massiv an d'Forschung an an d'Ausbildung investéiert?

Firwat gött dat net massiv vum Staat begleet, amplaz all d'Energie an eng Casino-Wirtschaftspolitik mat Space Mining ze stiechen, wou mer eng héich-riskant Wett op eng imaginär Zukunft maachen, déi just e Finanzkonglomerat op Lëtzebuerg zitt an eventuell e puer pensionéierte ESA-Beamten de Porte-monnaie fillt?

Mir hätte besser an déi Zukunft ze investéieren, déi virun eiser Nues leit, amplaz an eng Zukunft, déi an de Stärre steet.

Ech hunn är Initiativ vum Space Mining nët belächelt, well d'Visioun, datt Millionären an Zukunft sëch selwer op de Mount schéissen, beréiert mëch nët weider.

Ech maache mer awer seriö Suergen, wéi d'Lëtzebuerger Regierung hei versicht, mat enger Zort *ingénierie juridique*, internationalt Recht ze verdréinen, an Ressourcen, déi am Moment der gesamter Mënschheet gehéieren, ze kommerzialiséieren an privaten Gewënninteressen auszeliwweren.

Här President,

Mer mengen, datt déi zentral Begrëffer vun dëser Debatt: Kompetitivitéit, Wuesstum, datt mer déi müssen a Fro stellen an hannerfroën op eng Art a Weis, fir dem Land an virun allem den Mënschen am Land, erem wierklëch nei Perspektiven ze bidden.